N°88
Entrée le 06.12.2023
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 07.12.2023

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 06/12/2023

Här President,

Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Asyl weiderzeleeden.

An mindestens engem Foyer fir DPIen a BPIen sinn elo am Wanter Zoustänn, déi esou fir Kanner an och Erwuessener net gutt ze heesche sinn. Eisen Informatiounen no feelt et zum Beispill am Foyer vun der Turnhal zu Ettelbréck un Heizungsméiglechkeeten an un anstännegen Oftrennungen tëscht den eenzele Leit a Familljen.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Kann de Minister dës Zoustänn bestätegen? Sinn dëst Zoustänn déi kuerzfristeg entsti, well eng Heizung net geet oder laangfristeg, well net genuch Heizméiglechkeeten existéieren a verschiddene Foyeren?

2. Firwat ass et net méiglech fir an de Foyere, wou et néideg ass, mobil Heizungen zum Asaz ze bréngen?

3. Wat gëtt gemaach, fir dass d'Kanner an d'Erwuessen a Konditioune beherbegt ginn, déi den Engagementer, déi Lëtzebuerg international ënnerschriwwen huet, zum Beispill mat der Kannerrechtscharta, gerecht ginn?

4. Kann de Minister bestätegen, dass Alternative fir de Leit auszehëllefen a Punkto Hëtzen proposéiert gi sinn, déi awer net zréckbehale gi sinn? Wéi eng Alternative waren et a firwat si se net zréckbehale ginn?

5. Ass de Minister bereet de Loyer fir dëse Foyer erofzesetzen bis Léisunge fir d'Hëtzen vun der Sportshal fonnt sinn?

Mat déiwem Respekt,

POLIDORI Ben
Deputéierten

N°88
Entrée le 27.12.2023
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Famille, des Solidarités,
du Vivre ensemble et de l'Accueil

Äentwert vum Minister fir Famill, Solidaritéit, Zesummeliewen an Accueil op d'parlamentaresch Fro n°88 vum Här Deputéierte Ben Polidori iwwert den SHU Ettelbréck.

1.
Et ass richteg, dass et an der Structure d'hébergement d'urgence Ettelbruck (SHU Ettelbruck) Problemer mat der Heizung gouf. Dës sinn elo behuewen. Den 8. Dezember 2023 gouf als Zousaz eng leeschtungsstaark mobil Heizung installéiert.

2.
Zousätzlech mobil Elektro-Heizungen hunn en héijen Energiebedarf (ca. 2000-2500 Watt pro Gerät) an dofir ass dat op Grond vum Stroumreseau an der jeeweileger Struktur net ëmmer méiglech.

3.
Den ONA mécht alles dofir, dass Kanner an Erwuessener a deene beschtméigleche Konditiounen ënnerbruecht ginn. Et gëtt och ëmmer prioritär no Fraen, Kanner, Familljen an de vulnerabele Leit gekuckt.

4.
Wann et an enger Struktur vum ONA ze kal géing ginn, gëtt natierlech no Léisunge gesicht. Wann dat net méiglech ass, wéi dat zum Beispill de Fall war am CPA Kirchbierg leschte Wanter, da ginn d'Leit an aner Strukture relogéiert.

5.
Een Erofsetze vun der indemnité d'occupation ass net virgesinn. Et kënnen ëmmer technesch Problemer an enger Struktur optrieden déi dann esou séier ewéi méiglech behuewe ginn.

Lëtzebuerg, den 22.12.2023

De Minister fir Famill, Solidaritéit, Zesummeliewen an Accueil

(s.) Max Hahn